LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
19 FEV. 2019

Luxembourg, le 19/02/2019

Le Ministre des Affaires étrangères et européennes
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Je vous prie de bien vouloir trouver en annexe la réponse du Ministre des Affaires étrangères et européennes à la question parlementaire n° 292 posée par l'honorable Député Monsieur Fernand Kartheiser

Jean Asselborn

Äntwert vum Jean Asselborn, Minister vum Ausseministère, op d'parlamentaresch Fro, Nummer 292, vum 31. Januar 2019, vum honorabelen Deputéierten Här Fernand Kartheiser

1) Wéi vill Migranten, déi aus Italien kommen an ënner d'Bestëmmunge vun Dublin falen, hunn sech am Dezember 2018 an am Januar 2019 bei den Autoritéite gemellt?

Am Dezember 2018 an am Januar 2019 hunn 272 respektiv 226 Persounen eng Demande op internationale Schutz zu Lëtzebuerg gestallt. Am Dezember sinn 68 an am Januar 71 Leit enregistréiert ginn déi aus Italien komm sinn an *a priori* ënnert d'Dublin III Reglement falen.

2) Wou sinn déi Migranten am Ament ënnerbruecht? Wéini ginn dës Leit nees an Italien zréck geschéckt? Applizéiert d'Regierung den Accord vun Dublin?

Dës Persoune sinn an deene verschiddene Strukture vum *Office luxembourgeois de l'accueil et de l'intégration*, esou wéi an der *Structure d'Hébergement d'Urgence Kirchberg* ënnerbruecht.

D'Regierung ass verflicht um Dublin III Reglement festhalen an déi Persounen déi ënnert dëst Reglement falen, no enger individueller Analys, an dat Land transferéieren dat fir den Traitement vun hirer Demande zoustänneg ass. Den Ausseministère ass am Kontakt mat den zoustännegen italieneschen Autoritéite fir déi Transferten unzegoen.

Geméiss dem Artikel 17 vum Dublin III Reglement, hält d'Regierung sech awer d'Recht vir, falls néideg, sech fir den Traitement vun enger Demande responsabel ze erklären. Heibäi gëtt all Fall eenzel gepréift.

3) Wat wëllt d'Regierung ënnerhuelen, fir dës Phas vun der Immigratioun esou séier wéi méiglech ze stoppen?

Lëtzebuerg huet dës Problematik am Kader vu Reunioune mat deenen anere Memberstaaten opgeworf fir eng gemeinsam Léisung ze fannen a fir dass d'Demanden op internationale Schutz an deem Land opgeholl gi wou d'Migrante fir d'éischt ukommen.

Kontakt gouf och mat der europäescher Kommissioun opgeholl fir déi néideg Garantien iwwer d'Opnamkonditiounen an Italien ze kréien.

De Problem vun der Migration secondaire ënnersträicht och d 'Noutwennegkeet un enger Reform vum gemeinsamen europäeschen Asylsystem, speziell vum Dublinsystem. Eng Reform fir déi Lëtzebuerg zanter 2016 plaidéiert, mä duerch aner Länner vun der EU blockéiert gëtt.